

FAQ Covid-19
Jugendzenter Hollenfels
Version du 20.07.2021

Basis vun dësem FAQ

Dëst Dokument hält di konkret Emsetzung vun de Mesuren am Zenter fest. Als Basis gëllen Mesuren di am sanitäre Konzept fir parascolaire Aktivitéiten vum SNJ vum 15.07.2021 festgehale sinn. All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemaach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

Inhalter

1. Wéini muss een eng Mask unhunn?	2
2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?.....	2
3. Ginn et Restriktiounen bei der Zirkulatioun um Site?	2
4. Wéi organiséieren mir den Accueil?	2
5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt?	2
6. Wéi funktionéiert d’Kantin?.....	2
7. Wéi funktionéieren d’Squaten?	3
8. Wéi organiséieren ma eis bei den Dortoiren?	3
9. Wéi gëtt d’Botzen vum Zenter organiséiert?.....	3
10. Wéivill Leit dierfen an di verschidden Reuniounssäll ?.....	3
11. Wei ass d’lessen vum Personal organiséiert?.....	3
13. Mesuren op den eenzelnen Aktivitéiten.....	5

1. Wéini muss een eng Mask unhunn?

- Innherhalb vun de Gebäier gëllt eng prinzipielle Maskepflicht. Baussen um Site muss keng Mask gedroen ginn.
- Camp a Kolonien di ënnert dem Covid-Check-Régime funktionéieren müssen keng Mask a keng Distanzregel an hierem Grupp anhalen.

2. Wou kann ee sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?

- An der Entrée vum Site steet e Spender mat Désinfectant.
- Am Parc beim Beienhaus steet een Wäschtrach, wou een seng Fanger kann waeschen.
- Op verschidde Plazen am Zenter steet Désinfectant fir jidder Notzer zur Verfügung.

3. Ginn et Restriktionen bei der Zirkulation um Site?

- Et gi keng allgemeng Restriktionen fir d'Zirkulation ausserhalb vun de Gebäier.
- Plazen a Raimlechkeeten wou Gruppen sech ophalen sinn vun aneren Leit, di näischt mam Grupp ze dinn hunn, ze évitéieren.

4. Wéi organiséieren mir den Accueil?

- D'Personal am Accueil ass duerch eng Plexiglasscheif geschützt.
- Et dierf ëmmer nëmmen eng Persoun no der Aner an den Accueil an Demanden sollen virun der Plexiglasscheif gemaach ginn.
- Fir d'Entgéinhuelen vu Material wat vun aaneren benotzt ginn ass, stinn dem Personal Händschen zur Verfügung.

5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt?

- Grundsätzlech gëllt dat Material (Tabletten, Computeren, Telefonen, Handyen, Bicer, asw.) nëmme vun enger Persoun duerf genotzt ginn.
- Bei Material wat aneren zur Verfügung gestallt gëtt, gëllt dat dëst no all Gebrauch muss desinfizéiert ginn. De Service technique stellt hei speziellen Désinfectant/Lingetten an Händschen zur Verfügung.

6. Wéi funktionéiert d'Kantin?

- D'Kantin gëtt vun der Jugendherberg vun Huelmes géereiert. Fir weider Infoen kann enn sech do direkt an der Auberge (Tél: 26 27 66 500) mellen. Bestellen vum Iessen leeft awer trotzdem iwwert Secretariat vum Service National de la Jeunesse (Fiche de repas), dei een mat der Confirmation vun der Aktiviteit/dem Séjour geschéckt kridd.

7. Wéi funktionéieren d'Squaten?

- All Grupp kritt ee Squat fir d'Zäit vu sengem Openthalt zougedeelt.
- E Squat besteet ëmmer aus op mannst engem Openthaltsraum oder Formatiounsraum, enger Openthaltsplaz baussen un der frëscher Loft a Sanitären. Jee no Disponibilitéit ass et och méiglech am Viraus weider Raim oder Plazen derbäi ze buchen.
- Gruppe solle sech während hirem Openthalt an ausserhalb den Aktivitéiten nëmmen an hirem Squat ophalen. D'Raimlechkeeten an d'Plaze vun engem Squat däerfe gläichzäiteg just vun engem Grupp benotzt ginn a gi tëscht all Benotzung gebotzt.
- Personal benotzt Sanitären um RDC.

8. Wéi organiséieren ma eis bei den Dortoiren?

- An den Schlofracim kënnen all Better beluecht ginn.
- Bei enger Iwwernuechtung ginn d'Etagen am Dortoir jeeeweils als Ganzt un ee Grupp verlount, dozou gehéieren ëmmer d'Schlofracim, ee grouse Sall, d'Sanitären an eng Openthaltsplaz baussen (Squat)

9. Wéi gëtt d'Botzen vum Zenter organiséiert?

- D'Botzpersonal huet d'Uweisung all Bureauen, d'Sanitären a besonnesch och di eenzel Points de contacts (Klenschen etc.) méi regelméisseg, och mat désinfectant ze botzen.

10. Wéivill Leit dierfen an di verschidden Reunionssäll ?

- D'Reunionssäll gi no all Réunioun gelëft. Dest soll vun der Persoun déi d'Reunioun aberuff huet, no der Réunioun assuréiert ginn.

11. Wei ass d'lessen vum Personal organiséiert?

- Befier eng Manipulatioun an der Kichen (Geräter, Geschier etc.) gemach gëtt, mussen d'Hänn desinfizéiert ginn. An de Kichen steet e Spender mat Désinfectant zur Verfügung.
- D'Personal ka säin lessen am Büro opwiermen an am groussen Sall iessen oder dobaussen op engem Dësch deen sech net an enger Zone befënnt déi vu Gruppe genotzt gëtt, oder um Bureau lessen.
- Et dierfe net méi wéi 4 Persounen un engem Dësch setzen.
- All Member vum Personal soll säin eegene Bidon dobäi hunn.
- Jiddereen mëscht säi Kaffi selwer a setzt seng Kaffistaass an d'Spullmaschinn.

- Di pädagogesch Kichen dierf just am Kader vun Aktivitéiten genotzt ginn.
- D'Baussemiwwelen gi net oofgemeet. Eng Notzung vun dese Miwwelen geschitt deemno op eege Verantwortung.

12. Oplëschung vun den Dortoiren an der Kapazitéit vun de Säll an Dortoiren

Dortoirs:	Capacité salle:
Dortoirs - Total	56 lits
1. Étage - Total	24 lits
2. Étage - Total	32 lits
Grande salle - rdc	3 tables à 10 pers. 20 pers. assises à distance
Labo - rdc	2 tables à 8 pers. 2 tables à 6 pers.
Rittersall – 1. étage	3 tables à 10 pers. 20 pers. assises à distance
Beienhaus	3 tables à 10 pers. 20 pers. assises à distance

13. Mesuren op den eenzelnen Aktivitéiten

All Aktivitéiten zu Huelmes:

- Un engem Camp, enger Kolonie oder enger Formatioun dierfen maximal 300 Persounen deelhuefen. Un enger Dagesaktivitéit dierfe maximal 30 Persounen deelhuefen.
- Baussen muss keng Mask gedroen ginn
- Bannen dierfen bis 10 Leit ouni Mask an ouni Distanz zesummen sinn ouni Covid-Check, mat engem Covid-Check fällt dës Limit eweg
- Fir Formatiounen a Konferenzen ergëtt sech di maximal Unzuel u Participanten aus der Kapazitéit vum gebuchte Sall.
- Aktivitéiten mat Iwwernuechtung mussen ënnert dem Covid-Check Régime stattfannen
- Bei Iwwernuechtungen dierfen maximal **10** Leit an engem Dortoir/Zelt schlofen
- Et gi méiglechst vill Aktivitéiten dobausse gemaach
- Et ginn detailléiert Instruktiounen fir d'Responsabel an d'Animateuren.